DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 23. August 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

*„D'Strooss tëscht Kautebaach a Wooltz (N25), déi fir hir schaarf Kéiere bekannt ass, ass an de leschte Méint plazeweis, haaptsächlech awer op enger präziser Plaz, net méi gutt befuerbar. Hei huet sech effektiv d'Säit vun der Strooss zum Hang hin zolidd gesat.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:*

- *Ass schonn zesumme mat der Verwaltung vun de Ponts & Chaussées dru geduecht ginn, fir dës Strooss op der betraffener Plaz an d'Rei ze setzen? Wa jo, wou sinn d'Etüden de Moment drun?*
- *Wéini ka mat den Aarbechten ugefaange ginn a wat wäerten dës kaschten?“*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten